N°2014
Entrée le 05.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„ Aus dem neie Retail Report 2025 geet ervir, dass de „Leerstand" iwwer déi lescht Joren erofgaangen ass an, dass verschidde Branchë vu Geschäfter zougeholl hunn. Am Horeca-Secteur gesäit een eng generell Croissance vun der Surface. Mee wärend d'Unzuel u Restaurante klëmmt, huet d'Unzuel u Caféen a Baren zanter 2019 ëm 9% ofgeholl.

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Concessioune fir Caféen a Bare sinn hors nombre säit 2020 pro Joer ugefrot ginn?
- Wéi vill dovunner sinn accordéiert ginn? Wéi vill si refuséiert ginn a wisou ?
- Wéi vill Concessioune fir Restaurante sinn hors nombre säit 2020 pro Joer ugefrot ginn?
- Wéi vill dovunner sinn accordéiert ginn? Wéi vill si refuséiert ginn a wisou ?
- Ginn et Ënnerscheeder bei Caféen a Restaurante fir esou eng Concessioun hors nombre ze kréien ?
- Falls jo, wisou, a wat fir Ënnerscheeder sinn dat? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu